

Eischt Motioun vum neie Nordcomité:

D'Eisléck an déi ugrenzend Gemengen sinn net ëmmer déi éischte Prioritéit vun eise Regierungen. Dat gesäit een a villen Domainen a heirunner wëlle mir Piraten eppes änneren.

1. Hei am Norde gëtt et anscheinend keng Leit déi sech deplacéiere mussen, dat schéngt déi virherrschend Meenung um Ministère du Transport sinn. Well anescht ass et net ze erklären dat de Norde just 2 Haaptachsen erof an d'Nordstad ze fueren. Mee allebéid hunn se gemeinsam, dat si vill Stau generéieren, well si net nëmme vu Leit aus dem Norden, mee och vun de Grenzgänger, déi op hier Aarbecht fueren, benotzt ginn. Et bleift also just nach déi klimafreundlech Alternativ, den Zuch. Leider ass do kierzlech **den Eisebunnstunnel zu Kautebaach een Äerdrutsch geschitt an elo mussen Leit alleguerten iwver kleng Stroossen mam Bus fueren, wat nees erëm fir e grëisseren Zäitverloscht fir déi d'Leit aus dem Norde suergt.**

2. Fir vill Leit hei am Norde war eng ganz béiss Iwwerraschung, wéi no der Maternité zu Wolz dunn och nach déi zu Ettelbréck kuerzfristeg huet missten zougemaach ginn. Wéi du virun e puer Wochen d'Noriicht koom, dass och nach d'Kardiologen de CHdN zu Ettelbréck verloossen, sinn d'Leit du nach eng kéier aus alle Wolleke gefall. **Et kann net sinn, dass een am Norde muss fäerten, datt een net mat Zäite mat der Ambulanz an enger Klinik ass, wou dann och sollten déi richteg Spezialiste sinn.** Bei enger schwiereger Gebuert oder engem Häerzinfarkt dierf keng Zäit verluer goen!

3. Dat neit Agrargesetz stéisst am Secteur op wéineg Géigeléift. Vill Bauere fäerten, datt se duerch eng Limitatioun vun de Bestandszuelen hir Prêten net méi kënne bezuelen. Et geet net duer Plaffonge festzeleeë mee d'Qualitéit vun eise Produite muss héisch gehale ginn. **D'Regierung muss hei dofir suergen, dass eisen Agrikursektor ofgeséichert ass, an sech ka weider entwéckelen am Aklang mat eise Klimaziler.**



4. Mir Nordpirate stinn natierlech och fir Transparenz a Biergerbedeelegung. Eng Biergerbedeelegung déi op kommunalem a nationalem Niveau gelieft muss ginn. Fir dass d'Bierger kënnen op kommunalem Niveau matschaffen, **mussen d'Gemengerotssätzungen zu Zäiten sinn, wou se fir jiddereen zougänglech sinn. Och mussen d'Sätzungen opgeholl ginn, entweder per Video oder just per Tounopnam**, fir dass d'Bierger kënnen nolauschteren, wéi hir Vetrieder sech op verschiddenen Theme positionéieren.

Dofir setzt de Nordcomité sech fir dës éischt Prioritéite fir de Norden an :

- Fir ee stëmmegt Konzept am Norden fir den ëffentlechen Transport an datt de Sammelsurium un Eenzelmoosnamen zeréck geholl gëtt. Mir froen datt een och vun der Stad Lëtzebuerg aus mat enger direkter Buslinn op de Stauséi ka fueren, fir de Naturschutz ze garantéieren an d'wëllt parken z'evitéieren. Am generelle fuerdere mir, dat vill méi direkt Linnen aus de Ballungszenteren an dee ganzen Norden ugebuede ginn;
- Fir ee staarkt Gesondheetswiesen am Norden z'assuréieren. Et dierf net sinn, dass d'Leit aus dem Norden a Noutfäll musse bis an d'Stad transportéiert ginn, wëll Häerzdokteren oder Gynekologe feelen. D'Klinicken zu Wolz an zu Ettelbréck misste gestäerkt ginn an ausgebaut ginn, fir datt déi wichtegste Servicer an dësen 2 Klinicken ugebuede ginn;
- Fir eng richtig staatlech Ënnerstetzung vun de Bauere bei der Transitioun op Bio an a Richtung méi Klimaneutralitéit an datt si net mussen ëm hir Existenz fäerten;
- Fir transparent Gemengerotssätzungen.

D'Nordpiraten



www.piraten.lu